N° 8236
Entrée le 18.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.08.2023

Lëtzebuerg, den 17. August 2023

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Wärend enger Rei Woche goufen Aarbechten am Gousseler Tunnel duerchgefouert. Dat huet zu remarkabele Staue gefouert, virun allem an de Stousszäiten. Scho beim Tunnel Miersch war d'Vitess op 50 km/h erofgesat - bis hannert de Gousseler Tunnel.*

*Datt d'Vitess aus Sécherheetsgrënn erofgesat muss ginn, dat versteet sech vum selwen. Vill Leit froen sech awer, ob 70 km/h net besser wier, fir den Trafic méi flësseg ze halen. Am Gotthardtunnel an der Schwäiz gëtt et déi selwecht Situatioun, wou och nëmmen zwou Spueren disponibel sinn; do ass d'Vitess awer op 80 km/h festgesat.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

1. *Aus wat fir enger präziser Ursaach ass d'Vitess op 50 km/h festgesat ginn an net op 70 km/h? Huet dat just mat der Sécherheet ze dinn?*

2. *Mécht d'Vitesse vu 50 km/h de Verkéiersfloss net manner flësseg, well etlech Leit drënner fueren?*

3. *Kann den Här Minister déi geleeschten Aarbechten an deenen zwee Tunnellen, déi jo bis bal Mëtt September daueren, kuerz virstellen?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten